



Beneficematch Télévie 2019



Notéiert an reservéiert Iech schon elo de Samschden 13. Abrëll an Ärem Agenda.

Den FC Schöffleng 95 organiséiert deen Dag um 17h00 um synthetesch Terrain en Beneficematch tëschent eemolegen Spiller vum FC Schöffleng 95 aus den Saison'en 1995/96 an 1996/97 an enger lokaler Equipe déi sech Télévie Dream Team nennt. Dëse Match gëtt am Kader vum Télévie gespillt fir op déi Manéier Suen fir e gudden Zweck ze sammeln.

Et bleift ze vermierken dass déi Responsabelen vum Télévie dëst Joer ënner anerem d'Gemeng Schöffleng als een vun fënnef "centre de promesse" ausgewielt huet. Samschdes den 27. Abrëll sinn dann all Schöfflenger Bierger, Veräiner an jiddereen den dobäi wëll sinn invitéiert fir op engem breetgefächerten Programm deelzehuelen denan den kommenden Wochen nach publizéiert gëtt.

Duerch verschidden landeswäit Veranstaltungen versicht den Organisateur Suen fir d'Recherche am Kampf géint de Kriibs an der Leukemie ze sammeln. Zanter 2002 goufen bis elo eng ronn 21 Milliounen Euro vun den Responsabelen zu Gonschten vum Télévie gesammelt.